

Lëtzebuerg, den 26. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Zanter Méint ginn et am Mëllerdall zwee Chantieren, déi net schéngé virunzegoen: um CR356 tëscht Waldbëlleg an der Heringermillen, an um CR121 tëscht dem Schéissendëmpel an der Heringermillen.

Déi zwou Plaze sinn alle béid mat roude Luuchte gereegelt. Dës zwou rout Luuchten sinn net nëmmen eng Belaaschtung fir d'Awunner vun der Regioun, mä och fir den Tourismus well ronderëm eng vun de wichtegsten Attraktiounen vu Lëtzebuerg elo scho säit längerem Chantiere sinn, déi net schéngé virunzekommen.

Desweidere soll d'Kräizung tëscht dem CR121 an dem CR118 (Präiteler Bréck) deemnächst ëmgebaut ginn.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:


- *Wat sinn d'Ursaache fir d'Dauer vun de Chantieren um CR356 an um CR121? Wéini sollen hei déi konkret Aarbechte ufänken a wéi laang soll d'Dauer dovunner sinn?*
- *Wou ass de Projet „Präiteler Bréck“ drun? Ass d'Soumissioun amgaangen oder schonn ofgeschloss? Wéini sollen hei d'Aarbechten ufänken a wéi laang sollen se daueren?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg


Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert